

An de Schnedder as e Kärel
Dee ganz lëfteg em dech trëppelt
Dee ka päifen wi eng Märel
584 Wann en d'Wisen der zerschnëppelt.

Looss déng Fraleit nët mat Gaarwen
Op den Hitten dohier gon
An déng Felder mat *schéine* Faarwen
588 Fluddreg em hir Schëllren dron.
587 bei Felder as er gestrach; *schéi* a *schéine* geännert; Inver- 628
siounszechen *schéine* mat

Weess de, dat si bosseg Spazen
'T steet zevill dobäi am Spill
Well do fueren d'Wiseplazen
592 Haus an Haff der aus dem Still.

Wëlls du, Bauer dech erhiewen
Ma da lief du mat Verstand
Schéiner as däi rouegt Liewen,
596 Wi de Birger hire Wand.

Looss all Stied mat hirem Gallem
Deen no faule Saache récht
Bleif om Land wu d'Päif vum Hallem
600 Schuns déng Kanner glécklech mécht.

Glécklech wie séng véier Mauren
An e schéinen Dällche baut
Do ze liewe mat iech Bauren
604 A mam Rescht op Gott vertraut.

D'ganz Natur as him eng Priedegt,
Maacht em ëmmer frësche Mutt
Well de Gott, dee Vulle siedegt
608 As och brave Mënsche gutt.

An dem Gaart, wann d'Blumme bléien
Hält en dack séng Mëttesrascht
Bei de Kanner, déi bal fléien
612 Wi d'jong Vullen aus dem Nascht.

Da verzielt e sénger Frächen
Wi de Weess *do* an Éige geet
Wi op roude, bloe Flächen
616 Kléi a Fluess om Flouer steet.
614 *do* as duerggestrach

Jo: de Jorgank kann sech schécken
Fiicht as d'Äerd an d'Loft as waarm,
Kuck, wi d'Blummen all sech bécken
620 Vun dem sneekge Beischwaarm!
620a lénks am Ufank tëscht denen 2 Strofen:
A wi d'Uebsbeem si belueden
Déi säi Papp nach huert geplantz

Aus dem Wéngert schécken d'Riewen
Hire sésse Wäigeroch.

Alles flockst a vollem Liewen,
624 *An 't mécht* Freed dem Bauer och.
624 *An 't mécht* duerggestrach, um Rand steet *Mécht*, ënner
der Zeil *vill*

An da léisst d' a ronnen Zuelen
Déngem Geescht *wuel* dack de Laf
Wa's de fir de Stot muss huelen
Wat der bleift nach zum Verkaf.

625 Iwwer dëser Zeil steet *Da wuel léisst d'a*; *An* as an *Hie*
geschriwwen; a *léisst* as den *t* duerggestrach
626 Iwwer *wuel* steet *alt*

Awer héischt d'och, wi et donnert,
Fären hanner Bierg an Dall
Datt däi Béifche mengt verwonnert
632 Ënnrem Buedem wir de Schall.

Kuck, nu kommen d'Wolkerisen
Schwaarz a gro dohier *gerannt*
Däischer kucken s'op déng Wisen
636 An se dreën dénger Sot.
634 *gejot* as a *gerannt* geschriwwen

Stuurm as hirem Won säin Täissel
An hir Päerd si d'wëllt Geros.
Roudeblëtz dat as hir Gäissel
640 An den Donner as hir Strooss.
639 *Roudeblëtz dat* as duerggestrach an ersat duerg *Blëtz-*
gekrénkel

'T këmmt dohier op Feierfliichten
Baang verwallt as Hiirt an Häerd.
D'Bëscher kraachen an all Friichten
644 Leen sech mam Gesiicht op d'Äerd.

Dach sief roueg: fort zitt d'Wieder
Kuck, de *Reebou* steet schuns do.
An him kucken *Hällm*, *Gras* a Blieder
648 An *och d'Uebsbeem* roueg no.
646 *Rebou* duerggestrach, duerg *Reenbou* ersat
647 *Gras* as iwwer *Hällm* tëscht d'Zeile geschriwwen
648 *och d'Uebsbeem* verbessert den *Uebsbam*

Jee, genuch as *hei* nu dës Sproochen
D'Aarbecht feelt am Summer nët:
Mëscht ze féiren, d'Land ze broochen
652 Lou ze schläissen, dat an dët.
649 *hei* as duerggestrach

VII

Wann zerguttst all Blumme bléien
Dann *huert d'Gras* a Kraut *séng* Kraaft
D'Zäit as do! Nu hopp un d'Méien
656 Da behält dän Hee séng Kraaft.
654 *huert* as duerggestrach an drageschriwwen steet *ass*; den *d'*
as gestrach; *séng* duerggestrach a *voll* driwwer geschriwwen;
Kraaft as a *Saافت* verbessert